PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Lëtzebuerg, den 4ten Februar 2021

# Communiqué

**No der iwwerraschender Annonce vun de Schoulschléissungen, froe mir Piraten eis, op dat heiten nach Navigation à vue ass, oder op een net scho mat der Nues widder d'Mauer gerannt ass.**

De Minister Claude Meisch huet de Mëtten a senger Pressekonferenz een düstert Bild fir d'Zukunft gemoolt. D'Schoulen an all ausser-schoulesch Aktivitéite fir Kanner mussen zou maachen, nëmmen d'Crèchen dierfe bis op Weideres op bléiwen. Op no der Fuesvakanz de Schoulbetrib nees opmécht? Et schéngt éischter net esou ze sinn.

Am Summer huet et nach geheescht, dass d'Schoul net déi Plaz wier, wou de Virus sech weiderverbreet. Am Schoulufank am September dunn, d'Feststellung dass et och mol an der Schoul zu Infektioune komme kann. An elo?

D'Entscheedung vum Minister, fir all d'Betraffenen op dësem Wee iwwert d'Situatioun z'informéieren, kënne mir net novollzéien. Hat de Minister sech net getraut, d'Enseignantë virdrun an d'Bild ze sëtzen?

Elo muss erëm kuerzfristeg ëmgeduecht ginn, d'Kanner musse muer all hier Saachen aus der Schoul mat Heem huelen, déi se fir den Homeschooling brauchen, an d'Enseignanten hire Coursen an eventuell geplangte Prüfungen dëser néier Decisioun upassen.

De Ministère huet säit dem Ufank vun der Kris sengem Personal, den Elteren an de Kanner vill ofverlaangt. Den Effort deen d'Leit um Terrain maache schéngt awer net unerkannt, wann de Minister vun uewen erof decidéiert an si net mat abezitt.

Mir fuerderen, dass d'Regierung **endlech ee kloren Stufeplang** virleet, fir esou ee Minimum un Previsibilitéit an Transparenz an enger méi wéi onsécherer Situatioun ze schafen. D'Regierungsmemberen dierfen net déi eenzegt sinn, déi wësse bei wei engen Zuele wat muss op a wat muss zou goen.

Dat eenzegt Positiivt wat mir aus dëser Pressekonferenz zéien, ass dass och den Educatiounsminister endlech schéngt agesinn ze hunn, dass een sech och an der Schoul ustieche kann.